



Luxembourg, le 18 MARS 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU

Par Alff Christian , 10:51, 18/03/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3640 du 15 février 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la consultation de la photo prise par le système de contrôle et de sanction automatisé, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 3640 vum 15. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN zur "Consultation de la photo prise par le système de contrôle et de sanction automatisées"

Ad Fro 1 an 2

*Am Fall wou eng Persoun eng digital Ufro oder ee Bréif schéckt (an der se een seng Autosplack an d'Referenz Nummer vum Avertissement ugëtt), fir Asiicht an den Dossier ze kréien, missten déi gefrotene Informatiounen, an deem Fall d'Fotoen, net konform zum Artikel 11 am uewe genannte Gesetz, och op deem selwechte Wee zréck geschéckt ginn?
Firwat gëtt an dësem Fall den Artikel 11 net applizéiert?*

Et ass net zwéngend noutwenneg fir d'Informatiounen um selwechte Wee zeréckzeschécken, an dat aus zwee Grënn:

Éischtens, well am Artikel 11 (1) vum Dateschutzgesetz vum 1ten August 2018 steet :

«De manière générale, le responsable du traitement fournit les informations sous la même forme que la demande.» Dëst ass also net zwéngend bindend, mee beseet dass ee wa méiglech de selwechten Wee soll wielen.

Zweetens, ass déi Prozedur explizit esou virgesinn an der "Loi du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés et modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques." Et befënnt ee sech also an enger Situatioun, wou an zwee Gesetzestexter Saache stinn, déi sech scheinbar widdersprieche. An dem Fall ginn et Rechtsreegele fir sou Konflikter ze léisen, an ee Rechtsprinzip ass den, den seet "lex specialis derogat legi generali". An dësem Fall kann een d'Gesetz vum 25ten Juli 2015 also als Derogatioun zum Artikel 11 vum Gesetz vum 1ten August 2018 betruechten. Am Gesetz vum 2015 steet explizit en Artikel 11 (2): "Cette consultation se fait au Centre et sous le Contrôle de la Police grand-ducale."

Ad Fro 3

*An enger Äntwert op eng vu menge viregte parlamentaresche Froen (n°798) schreiwen d'Ministere fir Mobilitéit a Bannenzeg Sécherheet:
"Et kéint een driwwer nodenke fir op MyGuichet zréckzegräifen, allerdéngs muss als éischt iwwerpréift ginn inwiefern déi Optioun mat der aktueller Gesetzgebung iwwert den Dateschutz kompatibel ass. Ass tëschenzäitlech un esou engem System geschafft ginn, dee parallel zum CSA Büro kéint de Leit Accès zu de Fotoe vun de Radaren erméiglechen?
Wéini gouf /gëtt den Aarbechtsgrupp zu dësem Thema zesummegestallt?
Falls bis elo net un dësem Dossier geschafft gouf, firwat net?"*

Vum Dateschutz hier gëtt et um legale Plang am Prinzip kee Problem, eng méi einfach Consultatioun vun de Fotoen iwwer myguichet.lu kënnen ze maachen. Dofir misst awer déi Dispositioun aus dem Gesetz vu 2015 wéi an Artikel 11 (2) ofschaffen. Praktesch gesinn, fir den Dateschutz reell kënnen ze garantéieren, mécht dëst awer réischt Sënn wann een eng zuverlässeg an automatesch technesch Léisung zur Anonymiséierung vun allen net implizéierten Parteie huet.